piraten.lu

N°3723
Entrée le 04.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.03.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/03/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Viru Kuerzem gouf de Streckeverlaf vun der Linn 7 vum TICE geännert an d'Buslinn fiert elo net méi laanscht de Centre hospitalier Emile Mayrisch (CHEM) zu Esch. An enger Escher Gemengerotsitzung am Januar goufen et Diskussiounen doriwwer, wéi dës Ännerung zustane komm ass a wien se decidéiert huet. Een Tageblatt-Artikel vum 31te Januar schreift:

*"Ein viel diskutierter Punkt war die Linie 7 der TICE-Busse, die zuvor den Escher Bahnhof mit Belval verband. Die LSAP-Fraktion kritisierte, dass durch die Änderung die direkte Anbindung an das CHEM fehle, was besonders ältere Menschen, Patienten und auf den Bus angewiesenes Krankenhauspersonal benachteilige. Sie forderte das Schöffenkollegium auf, auf eine Rückkehr zum früheren Streckenverlauf zu drängen. Steve Faltz erklärte, dass* ***die Änderung nicht vom Ministerium vorgegeben, sondern von der Gemeinde selbst angefragt worden sei. Das Ministerium habe bestätigt, ursprünglich solle die Linie 7 am CHEM vorbeifahren, die Stadt Esch habe dies jedoch nicht gewollt. Diese Behauptung hat Verkehrsschöffe Meris Sehovic („déi gréng") weder bestätigt noch dementiert.*** *Er verwies allgemein auf den regionalen und nationalen Kontext. Bürgermeister Christian Weis (CSV) relativierte die Kritik: Die Situation sei nicht so problematisch, die Gemeinde schulde dem CHEM auch keinen Transport."*

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wien huet d'Decisioun getraff, datt d'Linn 7 vum TICE net méi laanscht de CHEM fiert?
2. Wat waren déi konkret Grënn, déi zu dëser Decisioun gefouert hunn?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten